Séier informéiert

Selbstevaluatioun fir Gestionnaire vu Jugendstrukturen

Wat versteet een ënnert Selbstevaluatioun?

Selbstevaluatioun um Niveau vun der Gestiounsaarbecht ass ee wichtegen Deel vum Qualitéitsmanagement an enger Jugendstruktur.

Selbstevaluatioun ass eng systematesch Sammlung an Analys vun Informatiounen, an déngt dozou, Handlungen ze reflektéieren an doduerch d'Kompetenze vu Gestionnairen an dem Personal ze verbesseren.

Selbstevaluatioun ass een idealen Outil fir d'Aarbecht an der Jugendstruktur kontinuéierlech a praxisno ze iwwerpréiwen, an dréit zu enger Optimiséierung vun der Qualitéit vum fachlechen Handele bäi.

Ee wichtegt Instrument am Kader vun der allgemenger Gestiounsaarbecht ass de **„Leitfaden zur Selbstevaluation für die Träger der Jugendhäuser"**, deen dir am VADEMECUM vun der EGMJ fannt, an ënnert folgendem Link erofluede kënnt: http://www.egmj.lu/lb/vademecum/

D'Avantagë vun dësem Instrument:



- Erkennen an dokumentéiere wat d'Aarbecht bewierkt
- Erausfuerderungen, Stäerkten a Schwächten identifizéieren, a sou zu engem Ëmdenke bäidroen
- Handlungssécherheet gewannen
- Iwwer- an Ënnerfuerderunge vum Personal am Virfeld visibel maachen
- Sech den ënnerschiddlech Aufgabefelder bewosst ginn
- Konsens a Konditioune fannen am Hibléck op d'Zefriddenheet vun all de Bedeelegten, als wichtegen Faktor fir d'Motivatioun an d'Kontinuitéit an der Jugendstruktur

Gewosst wéi:

Den éischten Deel vum Leitfade soll idealerweis am **Dialog** tëscht Gestionnaire an dem Personal ausgefëllt ginn. Fir den zweeten Deel steet ech Iech fräi, ob dir d'Personal beim Beäntwerten abannt.

Respektéiert d'Reegele vun enger konstruktiver Gespréichsféierung: net wäertend sinn, op de Punkt kommen, adequat a brauchbar Verännerungsméiglechkeeten opweisen.

Huelt Iech zesumme mat Ärem Personal fir d'Ausfëlle vum Leitfaden am beschten eng Stonn **Zäit**, a widderhuelt d'Selbstevaluatioun idealerweis eemol am Joer.

Entente des Gestionnaires des Maisons de Jeunes